# Den Arthur an de Fonkelweier

Eng Geschicht iwwer d'Recht op eng propper a sécher Ëmwelt



# Den Arthur an de Fonkelweier

Eng Geschicht iwwer d'Recht op eng propper a sécher Ëmwelt

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



## Kennt dir den Arthur?

**Nee? Da musst dir heen onbedéngt kenne léieren.** Den Arthur ass eng Eil. Mee stopp! Heen ass alles anescht ewéi eng hondsgewéinlech Bëscheil.

## Wësst der, heen ass deen iwwercoolste Kärelchen, deen ee sech virstelle kann.

**Vu moies bis owes ass heen esou gutt gelaunt** a voller Energie, datt hee jidderee mat sengem Liblingshobby, Sangen an Danzen, matrappt. Da gëtt zesumme gefeiert, bis d'Sonn op- an nees ënnergeet.

**Virun allem am Summer ass am Bësch eng richteg lass. Do gëtt sech amuséiert an d'Liewen a vollen Zich genoss.**



Eng Piscine gëtt et beim Arthur am Bësch zwar net, awer **e wonnerbaren, risege Weier**, an deem ee fantastesch schwammen a sech beim waarme Wieder erfrësche kann.



**Kee Wonner also, datt den Arthur a seng Frënn viilll, viiiiilll Stonnen am Summer beim Weier verbréngen.** Genee esou war et och dëse Summer, wou et, wann der iech gutt erënnert, richteg waarm war …

**Mat grousse Sonnenhitt, Sonnebrëller, Sonnecrème, de passende Buedsaachen a Schwammreefer** hunn eis Kolleege sech vun Dag zu Dag nees bei hirem Pull installéiert. D’Patte relax am Waasser, hunn se entspaant an den Himmel gekuckt, d’Päiperleke gezielt a se sinn op engem selwer zesumme-gezammerte Boot iwwert de Weier geruddert.



Wann d’Hëtzt net méi auszehale war, hu se sech gezappt, oder se sinn e puer Längten am kille Waasser geschwommen.

Ween net ze driibseg war, huet op dem Arthur seng Lidder gedanzt, Waasserball gespillt a sech verréckt Geschichten ausgeduecht. Et gouf gechillt, gespaasst, gerolzt a genaschelt: Kraiderzaloten, Uebstcocktailen, säfteg Bëschbiereglacen, e Fest war dat.

**Eng Zäit, déi fir ëmmer hätt kënnen esou weidergoen. Nujee, esou war et leider net.**

De Summer war fir den Arthur a seng Frënn nämlech op eemol, vun engem Dag op deen aneren, ganz anescht, wéi jidderee sech dat virgestallt hat.

Mëtten an enger ganz normaler Nuecht huet den Arthur wéi all Owend senge Kolleegen e lescht Schloflidd gesongen. **Mee dunn, mat engem Coup, gouf d’Lidd vun engem haarde Kreesch ënnerbrach.**

**„Hëllef, Hëllef! Meng Fiederen! All meng Fiedere si fort!“**



An tatsächlech: **De Villche Fredo**, deen dat allerschéinst, wonnerbaarst giel-blo-wäisst Designer-Plommekleed hat, huet elo ausgesinn ewéi ee plakege Minipoulet. Ganz verschotert a verzweiwelt huet hie sech hannert engem grousse Blat verstoppt.

**„Meng schéi Plëmmercher“, huet de Fredo esou haart gejaut a gekrasch, datt et jidderengem am Häerz wéigedoen huet.**




Den Arthur hat grad seng Flilleken ausgebreet, fir vu sengem Bam erof bei säin aarme Kolleeg ze fléien, du gouf et him eenzock dronken. Hien huet Stéch a senge kriddelegen Ae gespuert … Well virun him, méi hell an esou bont ewéi e Freedefeier, hu grell Liichtpicke gedanzt.

**„Eng Diskobull mat Picken? Hä!!! Dreemen ech!?“** Wat den Arthur am nächsten Ablack héieren huet, huet him d’Sprooch verschloen.

## „Erschreck net!“, sot eng Stëmm.

„Ech sinn et dach just: den **Igel Misch.** Keng Anung, firwat ech sou liichten. Et nervt mega krass …“ An esou ass et weidergaangen.



D’**Kaweechelche Jacqueline** ass – struppeg ewéi e wëllt Schof – mat Gejäiz vum Bam geplompst, de **Päiperlek Lisi** ass just nach am Zickzack geflunn an huet genéitst, ouni opzehalen, d’**Wëllschwäin** hate blo Zongen aus der Schnuff hänken, an d’**Fräsche Carlos a Kiki** hunn, amplaz ze quaken, just nach gequäääkt. D’**Maus Ginette** hat op eemol duebel esou grouss Oueren an eng Nues esou déck wéi eng knallronn Kugel. De **Wuerm Nello** war mof getëppelt a säi ganze Kierper geradderegt.

## An den Arthur?

Him war et nach ëmmer e bësse schwindeleg. An op eemol huet säi Schniewel esou schrecklech gebass, datt hie gequiitscht huet, wéi wann een en an den Hënner gepëtzt hätt.





Genee an deem Moment ass de **Bello Libello, déi kleng Libell**, wéi e Feierblëtz ganz opgereegt op den Arthur zougeditzt.

„De Weier!“ Heen huet wëll mat senge Flilleke gefladdert.

**„De Weier liicht, glitzert a fonkelt wéi de Mound, d’Sonn an d’Stären zesummen!“**

Hee war ganz ausser Otem. „Ech hat am Ufank geduecht, et wär e Schatz … mee elo … elo … kuck …“

Heen huet op seng Flilleke gewisen. „Eppes ass komesch! **Ech kann net méi richteg fléien … Meng Flilleke pechen esou komesch zesummen … an … ech liichten!**“

Dem Bello Libello seng Flilleken hunn tatsächlech an der Däischtert grellgiel geglënnert.

„An dobäi kann ech giel net ausstoen! Lo mengt jiddereen, ech wär eng pickeg Harespel“, huet hie sech opgereegt.

„Wat soll ech da soen?“, huet e pinke Fleck aus der Loft zeréckgemault. „Kuck mech dach emol un! **Ech gesinn aus, wéi eng crazy Fuesméck amplaz vun enger schicker Harespel!** D’Beien hu mech schonn op hire B-insta an op Bee-Tok gesat!“

„Bass du dat, Gigi? Uff, wéinstens sinn ech net déi eenzeg Partyluucht hei“, huet de Misch sech gefreet.

D’**Harespel Gigi** huet vu Roserei gebrummt an ee Looping nom anere geschloen, bis si ausser Otem op enger wäisser Bléi gelant ass. Si huet hir Beenercher um Aascht ofgewëscht.

„Irk, alles kribbelt vun deem Déngen“, huet si geknoutert. „**Dobäi wollt ech just eng kleng Schlupp Waasser aus dem Weier huelen, well ech esou duuschtereg war.** An elo hunn ech dat dovun …“

Si huet wëll mat hire Füler gestikuléiert, déi vu Sekonn zu Sekonn méi pink gi sinn.

**„Et ass bal, wéi wann e komeschen Zauberer säin Zauberstaf an de Weier gehäit hätt, an e krassen Zauber mat eis geschitt wär.“**



Den Arthur huet sech u sengem kribbelege Schniewel gekraazt. **Hien huet iwwerluecht an iwwerluecht.**

Dunn huet e mam Kapp gewénkt, ass eenzock zeréck op säi Bam geflunn an huet no senger Trillerpäif gegraff, fir se all erbäizeruffen.





A jiddereen huet nogelauschtert, wéi den Arthur du voller Begeeschterung vu sengem Plang erzielt huet.

„Wat ëmmer an de Séi gefall ass an eis komesch mécht, muss do erëm eraus. Mee fir d'éischt ... " Den Arthur huet seng Flilleken no uewe gestréckt.

**„Fir d'éischt musse mer erausfannen, wéi dee Glitziglënnerblinksikrazdéngen iwwerhaapt dohi komm ass.**

Frënn, dir sidd elo alleguer Deel vun eiser Missioun Fonkelweier.

**Vive de Weier-Spezialkommando.**

**Éischt Etapp: Beobachten."**



**„Ooo genial,
ech wollt schonn ëmmer bei d'Police!",**

rifft den Igel Misch, an ob der et gleeft oder net, seng **Picken hu routblo geliicht**.

„Mega!", huet d'Harespel Gigi geruff. „Ech maache mam Libello a mam Lisi een **Helikopterteam.** Vun uewen hu mir alles am Bléck!"

„Och um Buedem ka vill geschéien: Mir sinn d'**Heckenteam**!", hu sech d'Wëllschwäin gefreet.

„**Wäässertääm** quäääk!", hunn déi zwee couragéiert Fräsche Kiki a Carlos geruff. „Mär schwämmän äm Bäät."


„Juhuu, ech sinn de **Spiderman**!", huet d'Kaweechelche Jacqueline gejaut.

„**An ech sinn am Team, dat grad Hëllef brauch**", huet den Arthur gemengt. Deen Eenzegen, deen näischt sot, war de plakege Fredo. Hien huet sech net nëmme schrecklech geschummt, mee et war him och nach fuerchtbar kal. Séier huet den Arthur him e puer vu senge Fiedere ginn.

„Mir fannen och eng Aufgab fir dech", huet den Arthur him versprach.

Nach an der selwechter Nuecht hu sech d’Déieren nieft, iwwert, ëm an op dem Weier installéiert.

**Si hu gelauert,
gewaart a gekuckt,
bis hinnen d’Ae moies zougefall sinn.**



**Esou ass et stonnen- an deeglaang weidergaangen**, ouni datt eppes geschitt wier, dat d’Weierrätsel geléist hätt.





Heiansdo si **Mënsche** laanschtkomm.
Si si spadséiert oder gelaf, hu fotograféiert a picknickt. **E puermol hu se Saache vergiess.**

D’Déieren hu Fläschen um Buedem a Plastiksděppercher an den Hecke fonnt. Tuten a Becheren. Esouguer e klenge Radio, en alen Telefon an eng futtis Popp hat ee leie gelooss. Un de Schierbelen huet méi wéi eemol ee sech un de Patte verletzt.

**„Mengs du, déi hunn dee Blénkdéngens an de Séi geschott?“, huet d’Lisi den Arthur gefrot.** Hien huet de Kapp geräselt.


**„Nee. Déi do loosse leider scho säit Joren ëmmer vill leien.**

Dat huet mech rosen an traureg gemaach. Ech hunn dacks haart gepaff, fir datt se raumen. Da sinn se einfach fortgelaf. Ouni hir Saachen. Mee do waren nach ni Fonkelsaache wéi déi am Weier dobäi. **Dat hei muss eppes aneres sinn.**“ Op engem weidere sonnege Summerdag sollt sech erausstellen, datt den Arthur Recht hat.

**Aus senger Loftpositioun huet d’Lisi d’Meedche scho vu Wäitem komme gesinn.** Hatt hat eng laang Trëtz a senge rouden Hoer, e bloe Blummerack un an e risegt Netz am Grapp. **Mat séiere Schrëtt ass d’Meedchen a Richtung Séi marschéiert.** E bëssen nervös huet hatt no lénks an no riets gekuckt, éiert et sech no vir gebéckt huet, fir d’Netz an d’Waasser andauchen ze loossen.

**D’Déieren hu verwonnert nogekuckt, wéi d’Meedchen zimmlech opgereegt mam Netz am Weier ronderëm-gefuchtelt huet**, bal esou ewéi een an enger Zopp réiert. Frou huet hatt dobäi net ausgesinn.





Am Géigendeel: Op eemol huet d'Meedchen ugefaangen, rose mat sech selwer ze schwätzen. Säi Gesiicht ass ganz rout a seng Stëmm haart ginn. Den Arthur a seng Kolleegen hunn d'Ouere gespëtzt.

**„O nee, o nee! Wéi soll ech déi dann nëmmen erauskréien??!**

Mir hu se vill ze wäit an ze déif erageschoss! O jeee … **Herno ass dee ganze Weier futti!** Alles wéinst menger dommer, blöder Iddi …!"

Den Arthur a seng Kolleegen hu sech erféiert ugekuckt. De Misch huet vun elauter Opreegung an alle Faarwen ofwiesselend geliicht, an d'Lisi krut vu Schreck en Néitsufall an huet fënnef Saltoe geschloen. Grad wéi den Arthur säi Krazschniewel wollt opmaachen, huet et haart **geplatscht.**



E Jäizen. E Kreesch. An nach Geplantschs. Just dem Meedche säi Kapp a seng Ärem, déi wëll ëm sech geruddert hunn, hunn nach aus dem Weier erausgekuckt.

**„Allez, mir mussen him hëllefen!“**, huet den Arthur geruff.

**„Mee hatt ass schold!“**, huet d'Jacqueline queesch geäntwert.

**„Fir d'éischt kënnt d'Rettung, dann de Rescht!“,**

huet den Arthur kommandéiert, a scho sinn d'Kolleegen all zesumme bei de Weier gerannt an hunn d'Meedche mat hire Schniewelen a Patten aus dem Waasser gefëscht. Hatt huet nawell zimmlech quiitscheg weidergejaut.
Kee Wonner, wann ee fir d'éischt an e Weier fält, an da vun engem rosenen Déierendetektivteam, dat och nach schwätze kann, erausgezu gëtt.







Wéi et sech no enger Zäit endlech berouegt hat, hunn d'Déieren hatt zur Ried gestallt. **D'Meedchen huet ugefaange mat kräischen.**

„Ech wollt dach just mäi Gebuertsdag mat menge Frënn feieren. Owes hu mir beim Weier gepicknickt. Mir hu gesongen, gedanzt a gelaacht, bis et däischter ginn ass." Hatt huet geschnoffelt.

**„Mir hunn eis Liichtebengelcher ugemaach. Déi gëtt et an alle Faarwen: pink, mof, giel, gréng, blo ..."**

D'Meedchen hieft d'Schëlleren. **„Naja, an dunn ass alt een op d'Iddi komm ze testen, wéi déi am Waasser liichten."**

Elo sinn him nees Tréinen de Bak erofgelaf.

**„Well et sou cool ausgesinn huet, huet herno jidderee säi Liichtebengelchen eragehäit ...**

Tja, an dunn hunn ech doheem um Internet gesinn, datt déi Dénger **gëfteg** sinn, a wollt se erausfëschen. Mee ech kréien dat aleng net hin.“



**„Wéinst dir sinn ech e Mini-Poulet!“**
**„An ech en Disko-Igel!“**
**„Ech e Wujelmonster!“**
**„Ech kann net méi fléien!“**

**„A wat maache mir elo!??“**

All hu se rosen duercherneegeruff a -gejaut. Bis den Arthur nees a seng Trillerpäif gepaff huet. „Basta! Et ass **héich Zäit, eise Weier nees propper ze maachen**. An dat geet just zesummen!“

**„Zesumme mat deem Knaschtmonster?“**
**„Hatt muss botzen! Hatt ass schold!“**
**„Ech hunn näischt domat ze dinn!“**

**„Stopp!“**

Den Arthur hat a senger Nout zum Megafon gegraff ...

**Jiddereen hätt elo kënne senger Wee goen.** Fortlafen a waarden, bis kee méi dovunner schwätzt. Maachen, wéi wann näischt wär, a vergiessen.

Si hätte sech kënnen en neie Weier sichen, an deem et keng Liichtebengelcher gëtt. Oder waarden. Iergendwann hätten d'Liichtebengelcher net méi geliicht. Iergendwann wär d' Gëft manner ginn.

**Mee si si bliwwen.**
**A méi wéi dat.**





**D’Meedchen ass seng Frënn siche gaangen.** Hatt huet hinnen erzielt, wéi gëfteg d’Liichtebengelcher sinn. Datt se d’Waasser fir d’Déieren a fir d’Mënsche schiedlech maachen. E puer hu gelaacht an de Geck gemaach. E puer war et egal. Anerer waren erféiert a besuergt a si mat him zeréckkomm.

Den Arthur huet seng Frënn d’Wolleker ugeruff an huet hinne vum Misär am Weier erzielt. Si sinn direkt ugereest, fir bei der **Botzaktioun** ze hëllefen.

De Fredo an d’Fräsche Kiki a Carlos hu sech aus enger vergiessener Chips-Këscht en U-Boot gebaut, fir d’Bengelcher opzespieren. Et goufen Netzer zesummegestréckt, Schutzkostümer gebitzt a Fässer opgestallt.

**Et gouf getaucht, geflunn a gezunn,
bis no vill Ustrengung
dee leschte Liichtebengelchen
aus dem Waasser gezu war.**

D’Pompjeeën hu mat engem Spezialsauger gehollef. Et gouf gefiltert an entgëft. All zesummen hu se Botzalgen ugeplanzt.

Zum Schluss huet eng **Wëssenschaftlerin** vun der Uni d’Waasser getest an analyséiert. No e puer Deeg ass d’Resultat komm:





**D’Waasser war endlech erëm propper!**

## All ware se midd.
## Midd, awer glécklech, datt se et zesumme gepackt haten.

Trotzdeem war jiddereen der Meenung, datt dat nach net genuch wär. **Also treffe sech d'Kanner an d'Déieren elo reegelméisseg**, fir de Bësch ze botzen an déi vergiesse Saachen ze raumen. Vu Kéier zu Kéier kommen nei Kanner an esouguer Erwuessener mat. An natierlech sinn och eis Wolleker ëmmer nees dobäi. Alleguer wënsche se sech, datt se iergendwann net méi sou vill schaffe mussen. **Si wënsche sech, datt jiddereen e bësse besser op d'Ëmwelt oppasst.** Et ass e grousse Wonsch, dee just funktionéiert, wa jidderee mathëlleft. Mee näischt ass onméiglech ...

Ma, dir frot iech elo bestëmmt, ob d'Déieren nees gesond gi sinn. Et huet e bësse gedauert, bis den Igel keen Disko-Igel méi war, d'Lisi an de Libello Bello nees normal fléie konnten, d'Jacqueline net méi struppeg an d'Harespel Gigi keng Fuesméck méi waren. Enges Daags konnten och d'Fräschen erëm quaken, der Maus Ginette hir Nues an hir Ouere si geschrumpft, an dem Arthur säi Schniewel huet opgehale mat krazen.

**Fir dat ze feieren, huet den Arthur en neie Song komponéiert.** E Song iwwert d'Recht op eng gesond Ëmwelt a proppert Waasser.


ARTHUR
EMWELT
TEAM

Dous, Fläsch a Pabeier,
Muss dat alles an de Weier?
Plastik an Dreck am Bësch,
Ass dat gutt fir eis Fësch?

**Mir hu just eng Welt**
**Méi wäert wéi all Geld**
Ma wéi wär et da mol
wa jidd'reen zesummenhält

Yo, gëff dech drun a bleif um Ball
Trenn a recycléier däin Offall
**Eisen Dreck, do sinn ech stuer**
**Huet am Bësch guer näischt verluer**

Et ass eis net egal
Et ass nach genuch Zäit
Mäin Dreck ass däin Dreck
An däin Dreck ass mäin

Mir sëtzen all an engem Boot
Mat Suerge si mer dacks geplot

Wéi geet et elo weider?

**Et ass eis net egal.**
**Et ass nach net ze spéit.**
Komm mir ginn eist Allerbescht
Mir setzen eis a fir eist Recht

**Proppert Waasser,**
**propper Ëmwelt**

**Fir datt d'Welt net**
**an e Koup fält.**



Dëst Buch ass an Zesummenaarbecht mam Anja di Bartolomeo, Giulia Helminger an der Klass vum Gilles Groben a Philippe Kieffer vun der Useldenger Primärschoul fir den internationale Kannerrechtsdag 2024 entstanen.
E grousse **Merci soe mir dem Wiam, Milo, Lina, Laurent, Maryam, Sebastian, Alessia, Daniel, Elias, Maya, Jaya, Fabio, Mahé, Charel, Kristina, Chris, Eric, Elodie, Tiana an Darija fir hir Iddien an hir Fantasie an der Entwécklung vun der Geschicht.**

Den Arthur ass eng liewensfrou Eil an ass alles anescht ewéi hondsgewéinlech. Vu moies bis owes ass hien esou gutt gelaunt a voller Energie, datt hie jidderee matrappt. Och dëse Summer ass am Bësch eng richteg lass: zesumme gëtt gefeiert, entspaant an am Weier geschwommen an et gi Geschichten erzielt. Bis op eemol den Arthur a seng Frënn op eng mysteriéis Aart krank ginn …

D'Geschicht vum Arthur handelt vun de Risike vun der Ëmweltverschmotzung a vun de Méiglechkeeten, sech fir eng besser a méi gesond Ëmwelt anzesetzen an aus Dreck eppes Sënnvolles ze maachen („Upcycling"). Et geet an der Geschicht ëm Mutt, Fréndschaft, Respekt an dorëms, wéi ee fir sech, seng Frënn an d'Ëmwelt asteet.

Wéi den Arthur hues och du e Recht drop, an enger gesonder a sécherer Welt grouss ze ginn a viru Krankheete geschützt ze ginn. A wéi den Arthur däerfs och du dech staark maachen an dech fir deng Rechter an e gutt Liewen asetzen. Doranner gëss du ënnerstëtzt.

**All Mënschen hu Rechter – och du!**
**Du hues souguer speziell Kannerrechter!**

D'Kannerrechter ginn an der Kannerrechtskonventioun vun der UNO definéiert. Bal all Land vun der Welt huet versprach, dës Kannerrechter anzehalen. Och Lëtzebuerg! Do geet et ëm d'Recht op Schoul, Schutz, Fräizäit, ëm d'Recht, seng Meenung ze soen an ëm d'Recht op eng propper a sécher Ëmwelt.

**Fir deng Rechter kënnen ze liewen, muss du se natierlech fir d'éischt kennen. Kuck mol mat dengen Elteren hei eran:**

**Lëtzebuerg huet en Aktiounsplang mat iwwer 60 Aktiounen, mam Zil, deng Rechter ze schützen:**

Verschidde Kanner erliewen, datt hir Rechter net agehal oder geschützt ginn, oder sinn an enger Situatioun, wou en aneren hinne wëll wéi doen. Wann s du oder een, deen s du kenns, an esou enger Situatioun bass, da schwätz onbedéngt mat enger Persoun, där s du vertraus.

## Du kanns och no Hëllef froe bei de Servicer, déi extra fir Kanner do sinn:

Kanner- a Jugendtelefon: www.kjt.lu / Tel.: 116 111

Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher: www.okaju.lu / Tel.: 26 12 31 24

*Office national de l'enfance*: www.officenationalenfance.lu / Tel.: 8002-9393

# Den Arthur an de Fonkelweier

Eng Geschicht iwwer d'Recht op eng propper a sécher Ëmwelt

Text vum Anja di Bartolomeo

Zeechnunge vum Giulia Helminger

© Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, 2024

ISBN: 978-2-49673-362-4

Layout: Service presse et communication

www.men.lu

Franséisch / Englesch Versioun

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse